ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2022

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 5417 vun den éirewäerten Deputéierte Martin Hansen a Georges Mischo iwwer d'Zouloossung vum neie COVID-Impfstoff "Novavax" schreift d'Madamm Minister, datt Lëtzebuerg an enger éischter Phase 30.000 Dose bestallt hätt a géif probéieren, sech an enger zweeter Instanz weider 69.000 Dosen ze sécheren. En Datum, vu wéini un den Impfstoff fir d'Bierger verfügbar ass, gëtt net genannt. Déi däitsch Bundesregierung huet awer schonn ugekënnegt, datt den Impfstoff an eisem Nopeschland ab dem 21. Februar gesprëtzt gëtt.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Minister gär dës Fro stellen:

1) Huet d'Regierung sech mat deenen aneren EU-Memberlänner koordinéiert, fir COVID-Impfzertifikater, déi op Basis vum Novavax ausgestallt ginn, unzeerkennen, och wann dësen zu Lëtzebuerg nach net zougänglech ass?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742